

(*Interruption*)

Kernspintographie, Merci fir d'Experten hei.

...well mer iwwert d'Kernspintographie mus-sen diskutéieren an nach eng ganz Partie anerer.

» **Une voix**.- Kernspintomographie!

» **M. François Biltgen**, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Kernspintomographie, Merci fir de richtigen Expert.

Mir müssen also iwwert d'Kernspintomogra-phie diskutéieren an nach eng ganz Partie anerer.

Zu Recht huet och den Här Krieps dorop opmierksam gemaach, wou mer iwwerall dës Strahlen hunn. Där gëtt et der ganz vill, mä ech mengen, mir solle bei den dräi Volt-meter bleiwen. Ënner anerem weinst engem Punkt, deen och den Här Roth opgegraff hat, nämlech deem, dass mer dauernd net nëmme Reklamatioune kréie vu Leit, dass se keng Verbindung kréien, deemno wou se am Land sinn, mä dass mer ëmmer méi Pla-zen am Land hunn, wou Der net méi eng Lëtzebuerger Verbindung kritt, déi vun en-ger Basisstatioun ausgesant gëtt, déi nid-dreg Emissiounswäerter huet, mä dass Der ëmmer méi auslännesch Bestrahlunge kritt.

Ech zu Esch si regelméisseg op franséi-schen Netzer. Ech war dëslescht bis op Ue-werwampech, majo, do war ech emol frou, wou ech bis e belscht Netz hat, mä e lëtze-burgescht hunn ech net méi kritt. Deemno wou Der sidd, hutt Der däitsch Netzer. Zu Mondorf hänkt Der doudsécher an den däit-schen Netzer. D'ITM ass eng Kéier op Bie-keresch moosse gaang an huet erausfonnt, dass zu Biekerech e Moosswäert ass vun 12 bis 14 Voltmeter, also vill méi wéi dat, wat mir hei autoriséieren.

(*Interruption*)

Duerfir wëll ech dovir warnen, fir ze soen, dass mir elo nach müssen...

(*Interruption et hilarité*)

» **M. le Président**.- Eenzeg an eleng den Här Minister Biltgen huet d'Wuert!

» **M. François Biltgen**, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Oh, wat ass dat esou schéin.

Duerfir wëll ech dovir warnen, fir ze soen, elo misste mir nach méi streng Norme fest-leeën, well da musse mer nach méi Basis-antennen opstellen a mir kréien nach méi Basisantennen aus dem Ausland, déi bei eis erastrahlen.

Elo kënnt Der natierlech soen, et wär gutt, wa mer eis géingen innerhalb vun Europa eens ginn, fir manner auszestrahlen.

» **Une voix**.- Jo, voilà.

» **M. François Biltgen**, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Ech wëll just soen, dass déi Zäit, wou ech nach Kommunikationsminis-ter war, ech just an den europäesche Minis-terrot gaange sinn a gesot hunn, wéi gutt mir wären, well mir op dräi Voltmeter erof-gaange wären, an et wär vläicht gutt, wann déi aner dat och géinge maachen, wann d'Kommissioun géing och aner Wäerter festsetzen, mä ech sinn do vernaant gi vun deenen aneren, fir ze soen: Majo, du gees do géint d'Gewerbefräiheet. An et ass net ganz falsch. Wat mir méi mat eisen Normen erofginn, wat mer u sech eise Lëtzebuerger Operateure méi Misär maache par rapport zu den auslänneschen Operateuren. D'Leit müssen iwwert de Roaming méi bezuelen. Déi aner maachen de Goss an d'Leit ginn och nach méi bestrahlt.

» **M. Jean Huss** (*DÉI GRÉNG*).- Här Mi-nister, wann Dir lech fir europäesch niddreg Normen asetze géift, da kéint dee Problem geléist ginn.

» **M. le Président**.- Här Huss, wann Der gären d'Wuert hätt, da musst Der et froen,...

(*Interruption*)

...mä Dir kënnt awer de Minister net perma-nent hei ënnerbriechen. En huet seng Rie-dezäit scho praktesch ganz opgebraucht.

» **M. François Biltgen**, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Ma dann halen ech och elo op mat mengem leschte Wuert, dass ech

soen, dass ech natierlech bereet sinn, dat europäesch festzeleeën, mä dat ass zurzäit net de Fall, an duerfir wëll ech just soen, dass mer net wëlles hunn, hei zu Lëtze-burg nach ënnert dat ze goen, wat mer elo gemaach hunn, wou mer wäit virun all dee-nen anere leien, a wou, wa mer géingen erofgoen, net eppes Positives géing ent-stoen, mä doudsécher op alle Punkten eppes Negatives. D'Leit musse méi deier bezuelen, déi aner maachen de Goss op Käschte vun eisen Operateuren an et komme méi Bestrahlungen an eist Land eran an net manner!

Merci.

» **M. Robert Mehlen** (*ADR*).- Dat heescht, si bleiwen nach ëmmer an den Dierfer direkt bei de Schoule stoen?! Abee Merci!

» **M. le Président**.- D'Debatt ass do-madder ofgeschloss a mir kommen zum nächste Punkt, dat ass de Projet de loi 5645 iwwert d'Verwendung vun den Informatiou-nen aus dem öffentleche Secteur. D'Rie-dezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Lucien Thiel** (*CSV*), *rapporteur*.- Merci, Här President.

» **M. le Président**.- Dir hutt 15 Minut-ten.



**9. 5645 - Projet de loi sur la réutilisation des informations du secteur public**

*Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme adminis-trative, des Media et des Communica-tions*

» **M. Lucien Thiel** (*CSV*), *rapporteur*.- Ech brauch se net alleguer, Här President. Dir kënnt schonn iwwert de Rescht verfü-gen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, wann een eng Beschreiwung domat ufänkt, datt ee fir d'éischt opzielt, ëm wat et net bei deem Sujet geet, dann ass eppes faul un der Geschicht. Esou eng negativ Approche verréit nëmmen d'Verleeënheet virun der Tatsaach, datt eigentlech näischt oder net vill ze beschreiwe gëtt, well et einfach dem Sujet u Substanz feelt.

Esou ähnlech verhält et sech mat deem Pro-jet, dee mir haut adoptéiere sollen. Et geet dobäi ëm d'Ëmsetzung vun enger Direktiv aus dem Joer 1998, also aus dem leschte Jorhonnert - ëmmerhin néng Joer sinn dat schonn hier - mat där assuréiert sollt ginn, datt d'Informatiounen, déi am Besëtz vum Stat oder vun aneren öffentlechen Instanze sinn, no gewësse Regeln ënnert d'Leit bruecht ginn.

Wuelgemierkt geet et hei net dorëm, datt déi Informatiounen ënnert d'Leit kommen, mä nëmmen ëm déi Aart a Weis, wéi se ënnert d'Leit komme sollen. Dee klengen Ënner-scheid ass wesentlech, well datt déi Infor-matiounen am Besëtz vun der öffentlecher Hand och wierklech den Entreprises an den eenzelne Bierger, fir wéi eng Zwecker och ëmmer, zougänglech gemaach ginn, dat ass am Moment alles aneschters wéi sé-cher. Et gëtt nämlech nach kee Gesetz, dat den Zougang zu deenen Informatiounen re-gléiert. Dat heescht an anere Wieder: Hei gëtt emol einstweilen um Dréchene ge-schwommen, well nach kee Waasser am Baseng ass.

Net vun ongeféier hunn dann och souwuel de Statsrot wéi d'Handwierkerkummer an hire jeeweilegen Avisé gemengt, dee Projet iwwert d'zweet Verwendung, esou heescht dat, d'„Réutilisation“ vun den öffentlechen Informatiounen géing net vill Sënn maachen, esou laang wéi den Accès zu deenen Infor-matiounen net geregelt wär.

Firwat also solle mir dann elo dat Gesetz trotzdeem stëmmen a wéi ass et da mat deem Zougang zu deenen Informatiounen?



Chambre  
des Députés  
L U X E M B O U R G

d'Chamber live  
**Chamber TV**  
och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op  
**www.chd.lu**  
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

Den Drock, Här President, fir mat der Ëmsetzung virunzemaachen, kënnst vu Bréissel a säit kuerzem och vum Europäesche Geriichtshaff um Kirchbierg, bei deem déi Bréisseler Kommissioun Lëtzebuerg an nach véier aner Länner - d'Belsch, Éisträich, Portugal a Spuenien - weinst Netëmsetze vun enger Direktiv verklot huet. Am Fachjargon heescht dat jo „Recours en manquement“. An d'Kommissioun ass domat och duerchkomm an huet um Kierchbierg Recht kritt.

Hiert rabiart Virgoe géint déi fënnef Länner huet d'Kommissioun duerch hir zoustänneg Kommissärin, d'Madame Viviane Réideng - dat ass lech jo keng onbekannt -, domadder erkläre gelooss, datt d'Netëmsetze vun der Direktiv där europäescher Wirtschaft e Schued vun 48 Milliarden Euro am Joer géing maachen - wouhier se ëmmer och un dee Chiffer do kommen. Et heescht, dat wär ongeféier de Wäert vum Business, deen den Entreprisë laanscht d'Nues geet, well si net un déi Informatiounen kommen, déi den öffentliche Sektour liwwere kënnst. Et handelt sech dobäi virun allem ëm Donnéeën aus de Beräicher Meteo, Geographie, Tourismus, Breveten, mä och ëm Informatiounen mat sozialem, ekonomeschem oder pedagogeschem Hannergrond.

Mir hunn also elo net ganz vill Choix: Entweder stëmme mir elo dat Gesetz hei oder awer mir blechen deemnächst déi Strof, zu där mir weinst Netëmsetzung vun enger Direktiv vun den EU-Richtere verdonnert ginn. Fir dat ze évitéieren, hu mer besser mir setzen déi Direktiv, déi schliesslech scho fir den 1. Juli 2005 a Kraaft gesat hätt misse ginn, elo ouni nach méi laang ze waarden ëm, quitte datt mir domat just e Lach an d'Loft fachen, well mir, wéi gesot, mat dësem Gesetz d'Regele vun engem Spill festleeën, dat mir nach net spille kënnen, well mer dat Spill iwwerhaapt nach net hunn.

Datt mir dat Spill nach guer net hunn, ass dorop zrëckzeféieren, datt den Zougang zu deenen Informatiounen bis dato net geregelt ass, an datt eng entspreichend Direktiv vun 2004 nach net ëmgesat ginn ass. Déi Direktiv ass wuel net a Vergiess geroden, mä si hänkt nach ëmmer am Statsministère, an dat, well d'Regierungsleit mat eiser Press am Clinch leien, ebe just weinst dem Zougang zur Informatioun.

Et ass nëmmen normal, an Dir géingt vu mir näischt aneschters erwaarden, datt d'Medievertrieder mordicus op hirem Recht bestinn, fir un déi Informatiounen ze kommen, déi bei der öffentliche Hand leien. Schliesslech sinn d'Informatiounen hir Matière première, déi si da fir hir Lieser, Noleschterer an Nokuckerte verschaffen an opbereeden.

Op där anerer Säit muss een awer och verstoën, datt den Zougang zu deenen Informatiounen, op deenen d'öffentlech Verwaltungen den Domm hunn, net absolut an net onbegrenzt ass. Et kann een deemno déi verstoën, déi, wéi d'Handwierkerkummer, dofir plädéieren, dëse Gesetzesprojet iwwert d'Reütisatioun vun den öffentliche Informatiounen esou laang zrëckzestellen, bis datt dat anert Gesetz, dat Gesetz iwwert den Zougang zu den öffentliche Informatiounen, zeideg ass.

Mä dat erëm kënne mir eis net leeschten, well dat Damoklesschwert vun enger Bestrofung iwwer eisem Kapp hänkt a well d'Zäit eis fortleeft. Et wäert wuel net méi laang daueren, bis mer gewuer ginn, wéi deier eis eis Saumsëilegkeet ze stoe kënnst, well de Geriichtshaff ass drop an drun, eis d'Rechnung fir d'Netëmsetzung ze maachen an d'Héicht vun der Bouss fir eise Manquement festzesetzen.

Et ass kloer, datt dëst Gesetz eis am Moment net allze vill bréngt, mä et schuet awer och näischt, an duerfir a vu den Zäitdrock mengt déi zoustänneg Kommissioun dësem héijen Haus recommandéieren ze kënnen, dëst Gesetz ze stëmmen an der Hoffnung, datt dat, wat him eréischt säi volle Sënn gëtt, nämlech dat Gesetz iwwert den Zougang zum Stat sengen Informatiounen, geschwéi vun der Regierung hei déposéiert an da vum Parlament nogeschoss ka ginn.

Meng Fraktioun mengt och duerfir, hiren Accord zu dësem Projet ginn ze kënnen. Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci dem Rapporteur. Als éischt Riednerin ass d'Madame Flesch ageschriwwen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här President, ech ka mech ganz kuerzfaassen. Ech wëllt fir d'alleréischt dem Rapporteur Merci soen an dann och den Accord vun onser Fraktioun bréngen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Diederich. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Fernand Diederich (LSAP).** - Merci, Här President. Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, déi öffentlech Organisme produzéieren a sinn also am Besëtz vu villen Informatiounen, zum Beispill aus dem Finanz- a Wirtschaftssektor, der Meteo, dem Tourismus oder dem Stroosseverkéier. Dës Informatiounen stellen eng wichteg Matière première duer, där hire Potenzial europawäit vun den Entreprisë kann exploitéiert ginn an zur wirtschaftlecher Croissance an zur Schafung vun Aarbechtsplaze ka bäidroen.

Dës Méiglechkeeten kënnen awer nach net ganz zum Droe kommen, well d'Praktik vun den eenzelnen EU-Memberstaten an dëser Matière ze verschidde sinn. D'Kommissioun huet duerfir gemengt, datt ee Minimum vun Harmoniséierung néideg wär, am Sënn vun engem gudden Fonctionnement vum Banne-maart a vun der Entwécklung vun der Informatiounsgesellschaft. D'Direktiv encouragéiert och d'Memberstaten, derfir ze suer-gen, d'Recherche vun de wichtegsten Dokumenter an der Praxis ze vereinfachen.

Duerch dëse Projet de loi soll keng eenheetlech Gesetzgebung iwwert den Accès zu den Dokumenter vum öffentliche Sektour imposéiert ginn. Den Zougang zu dësen Dokumenter gëtt net um kommunautären Niveau geregelt an dëse Projet huet keen Afloss op d'Méiglechkeeten vun de Memberstaten, déi öffentlech Dokumenter, déi zougänglech sinn, selwer ze bestëmmen.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. Fernand Diederich (LSAP).** - De Moment hu mer zu Lëtzebuerg eréischt esou eng Gesetzgebung am Ëmweltberäich. Eng generell Gesetzgebung iwwert den Zougang zu den Dokumenter vum öffentliche Sektour ass awer zurzäit an Ausaarbechtung.

Et muss een och dorop hiweisen, datt de Projet de loi keng Obligatioun fir d'Organisme vum öffentliche Sektour enthält, d'Weiderverwendung vun Dokumenter ze autoriséieren. D'Bestëmmungen, wéi d'Demandéi mussen traitéiert ginn, wéi se an den Artikel 4 bis 10 virgesi sinn, spillen eréischt, wann déi öffentlech Organismen d'Reütisatioun genehmegt hunn. An deem Fall ass d'Aart a Weis festgeluecht, wéi dës Réütisatioun soll stattfannen. Prinzipië gi fixéiert, wat d'Format, d'Délaien, d'Tarificatioun oder d'Exklusivitéitsaccorden ubelaangt. De Projet ännert näischt un de Rechter a Flichten, wéi se an der Gesetzgebung iwwert de Persouneschutz géint iwwer dem Traitement vun Donnéeën mat perséinlechem Charakter virgesi sinn.

D'Obligatiounen, déi an deem virleiende Projet imposéiert ginn, kommen ebenfalls eréischt zur Uwendung am Fall wou se kompatibel si mat de Bestëmmungen aus internationalen Accorden iwwert de Schutz vun de Rechter vun der intellektueller Propriétéit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann an dësem Fall et och esou ass, fir emol bei der Sprooch vum Sport ze bleiwen, datt déi zweet Halschent virun der éischter gespillt gëtt, oder déi zweet Etapp virun der éischter gefuer gëtt, esou wëll ech awer den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetz bréngen. Ech soen lech Merci fir d'Noleschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien! Très bien!

(Hilarité générale)

» **M. le Président.** - Merci, Här Diederich. Dir gesitt, dass Är Interventioun staark apprécieiert ginn ass. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Gibéryen.

(Brouhaha général)

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President, no der Interventioun vum Här Diederich bleift wierklech näischt méi ze soen, wéi just nach d'Zoustëmmung vun eisem Grupp ze bréngen.

(Brouhaha général)

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Dann huet d'Regierung d'Wuert.

» **M. François Biltgen, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.** - Här President, den Här Thiel, obwuel e jo offiziell seng Pensioun gefeiert huet, huet bewisen, dass en nach ëmmer ganz brillant ass, an där Brillanz kann d'Regierung näischt bäifügen. Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Wier dat ëmmer esou!

(Hilarité)

D'Debatt ass also ofgeschloss a mir kommen zum Vote vun dësem Projet de loi. Den Text steet am Document parlementaire 5645\*.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5645 ass ugehall mat 53 Jo-Stëmmen, bei 6 Abstentiounen a kenger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Lucien Clement)

et Michel Wolter (par Mme Martine Stein-Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. John Castegnaro), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Anne Brasseur), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir sinn dann um Enn vun eisem Ordre du jour. Déi nächst Sitzunge si fir den 13. an de 14. November virgesinn. Den Ordre du jour wäert lech schrëftlech zougestallt ginn.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.47 heures)

Sommaire des séances publiques

Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG au sujet de la gestion hospitalière pages 53-56

5775 - Projet de loi modifiant

a) la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'État ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,

b) la loi du 22 décembre 2006 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2007 pages 56-58

Question urgente N°2056 de M. Camille Gira et de Mme Viviane Loschetter relative aux conditions d'enseignement au Lycée du Nord à Wiltz page 59

Motions relatives aux grands projets d'infrastructures réalisés par l'État pages 59-64

Motion relative à la ligne ferroviaire Luxembourg-Pétange pages 64-65

Demandes en naturalisation pages 65-66

Dépôt d'une motion par M. Camille Gira pages 66-67

Dépôt d'une résolution par M. Henri Kox page 67

Motion de M. Félix Braz relative à la gestion et à l'exploitation des réseaux d'électricité page 67

Interpellation de Mme Viviane Loschetter au sujet de la prostitution au Luxembourg (modèle suédois) (suite) pages 67-68

Résolution de Mme Anne Brasseur demandant à charger la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle d'explorer la possibilité de l'introduction de l'éducation aux valeurs pour tous les écoliers et élèves fréquentant l'école publique luxembourgeoise pages 68-69

5786 - Propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés pages 69-71

Question avec débat N°25 de M. Claude Adam relative au concept concernant les sites et bâtiments transformés en lieux de rencontre culturels dans le cadre de l'année culturelle 2007 pages 71-72

Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG sur les risques de santé suite au développement rapide de la téléphonie mobile pages 72-75

5645 - Projet de loi sur la réutilisation des informations du secteur public pages 75-76

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

d'Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg